



**Äntwert vun der Madame Sam TANSON, Justizminister, op déi parlamentaresch Ufro
n°5181 vum 3. November 2021 vum Här Deputéierten Sven CLEMENT an vum Här
Deputéierten Marc GOERGEN**

1. Huet d'Lëtzebuergesch Justiz eng Request for information un Signal geriicht?

Laut den Informatiounen déi mer vun den autorités judiciaires kruten, huet den Untersuchungsriichter den amerikaneschen Justizautoritéiten eng „commission rogatoire internationale“ geschéckt, fir kënnen déi néideg Beweismëttel betreffend eng Affär vum Messengerdéngscht „Signal“ ze kréien.

2. Wéi vill dëser Ufroen huet d'Justiz an deene leschten 10 Joer verschéckt (opgeschlësselt no Joer an no Messengerdéngscht)?

D'Instruktiounsmesurën déi an den Ermëttlungen ordonéiert ginn fléissen an den Dossier pénal, sou dass keng spezifesch Statistiken iwwert esou Moosname gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 29. November 2021.

D' Ministre de la Justice

(s.) Sam Tanson